N°3545
Entrée le 26.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3545 vum 27. Januar 2026 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro, ob déi lëtzebuergesch Regierung eng Maut fir all Stroosse plangt, wéi eng belsch Autobunnsmaut den Trafic op der A6 beaflosse géif, an ob a mat wéi enger Positioun déi lëtzebuergesch Regierung doriwwer Gespréicher mat der belscher a wallounescher Regierung féiere wäert.

*Fro 1: Ginn et Pläng oder Iwwerleeunge beim Ministère oder Regierung, fir eng Maut fir d'Notzung vun all eise Stroossen hei am Land anzeféieren?*

Et ass drop hinzeweisen, dass et zu Lëtzebuerg schonn zënter Joren e Mautsystem fir de Schwéierverkéier iwwer 12 Tonnen gëtt, an zwar a Form vun der Eurovignette. Dëst gouf schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1857 vum 29. Januar 2025 vum Här Deputéierte Meris Sehovic detailléiert erkläert.

Am Koalitiounsaccord ass d'Aféierung vun enger Maut fir d'Notzung vun all de Stroossen am Land net virgesinn. Et ginn deemno keng Pläng oder Iwwerleeungen an dësem Kontext.

*Fro 2: Falls an der Belsch eng Maut agefouert gëtt, wat fir een Impakt wäert dat op den Trafic op der A6 Richtung Arel hunn?*

Bei dëser Autobunnsmaut handelt et sech ëm eng "Vignette autoroutière", déi iwwert d'Plackennummer duerch Verkéierskameraen "*Automatic Number Plate Recognition*" (ANPR) kontrolléiert soll ginn. Duerch dës technesch Gestaltung kënnt et zu kenger physescher Ofbremsung vum Verkéier, wéi zum Beispill duerch eng Barrière, deemno kënnt et zu kengen direkten Auswierkungen op de Verkéiersfloss u sech, och net op der A6 a Richtung Arel.

Well zu dësem Zäitpunkt awer nach net genuch konkret Detailer iwwert d'Modalitéite bekannt sinn, kënnen Nieweneffekter, wéi eng eventuell Verlagerung vum Verkéier duerch eng Autobunnsmaut nach net ageschat ginn. Grondsätzlech ass awer dovun auszegoen, dass – jee no Modalitéiten a Käschte vun esou engem Peage – en Deel vun den Notzer·innen, déi d'belsch Autobunnen net reegelméisseg notzen, fir hir sporadesch Faarten no Alternativstrecken oder no Alternativen am ëffentlechen Transport kéinte sichen.

*Fro 3: Wäert d'Regierung hei d'Gespréicher mat der belscher a wallounescher Regierung sichen a wat ass déi lëtzebuergesch Positioun?*

D'Regierung steet am reegelméissegen Kontakt mat de Nopeschlänner, dorënner och mat der Belsch, besonnesch bei Themen, déi grenziwwerschreidend Auswierkungen op de Verkéier hunn. Sollt d'Aféierung méi konkret ginn oder Auswierkungen op Lëtzebuerg hunn, géifen dës Froe selbstverständlech opgegraff an diskutéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 26. Februar 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes